

Här Buergermeeschter, léif Kolléginen a Kollegen,

et ass also rem sou weit. De Contournement vu Bascharage schléit rem héisch Wellen an der Press an dat obwuel kee neit Element am Dossier ass. D'Gemenge Käerjeng a Suessem an de Ministère hun a sëllechen Gemengerotssätzungen an Informatiounsversammlungen fir d'Bierger all Argumenter a Géigenargumenter ausgetosch an d'Situatioun ass nach ëmmer déi, dass parteiwwergreifend de suessemer Gemengen- a Schäfferot géint de Contournement ass an de käerjenger Gemengen- a Schäfferot fir de Contournement ass.

déi gréng Käerjeng si nach ëmmer der selwechter Meenung wéi am Juni 2016, dass d'Liewensqualitéit vun eise Bierger vu Bascharage, déi scho joerzénge versprach kréien, dass eppes ënnerholl ging ginn, net ouni d'Emleedung vum Verkéier méiglech ass. déi gréng Käerjeng si prinzipiell net fir de Bau vu neie Stroossen an hun sech och d'Entscheidung am Dossier Contournement net einfach gemach.

Ech wëll hei lo net nach eng Kéier déi ganz Argumentatioun virdroen, déi kann een op eise Internetseite noliesen. Ech willt awer gären op verschidde Punkten aus der Suessemer Brochür agoen, déi jo eigentlech insinuéiert, dass Käerjeng déi lescht Joeren et verschweest huet lokal eppes géint d'Verkéisersproblematik ze ënnerhuelen, dësst kënne mär als déi gréng Käerjeng op kee fall sou stoe loossen, well mer eis ëmmer aktiv agesaat hun fir an alle Beräicher Léisungen ze fannen. Ech hoffen dann och, dass déi Suessemer Parteien an de nächste Joeren bei all Stroossebauprojet déi si plangen hier Brochür rem rauskropen an déi Kritären déi se am Dossier Contournement uféieren selwer applizéieren.

Da muss ee jo och wëssen, dass an der Etude vum Contournement all d'Propositionen aus der Suessemer Brochür mat berücksichticht gi sinn an dass d'Conclusioun trotzdem wuar, dass NOX net ënnert de Grenzwert wärte faalen an dass och de Verkéier net sou ging zeréck goen, dass d'Liewensqualitéit an der Lëtzebuergerstrooss an de Stroosse ronderem ging verbessert gin.

An der Brochür gët gesoot, dass den öffentlechen Transport misst méi genotzt gin. Absolut richtig an dofir huet Käerjeng sech dofir agesaat, dass den TICE soll bis op Kéinzig fueren an sou Kéinzig un de Süden ubannen a virun allem un d'Käerjenger Guar. Ausserdeem soll den RGTR Kéinzig un de Cactus a Péiteng déi eng Säit ubannen an déi aner Sält weider d'Gare vu Klengbetten ufueren. All dest ass réaliséiert gin. Doriwwer raus ënnerstëtzt Käerjeng ëmmer eng Taktverbesserung beim TICE an fénnt et gut, dass den TICE lo och Weekends duech d'Nuet fiert. Hei muss ee soe, dass Suessem all déi Projeten am TICE och mat ënnerstëtzt an als solches wëssen se jo dann och wat zu Käerjeng an de leschte Joere passéiert ass.

An deem Kader gët och dovu geschwaat fir eng Busspuer duech d'Lëtzebuergerstrooss ze bauen. Richtig. Et ass schon zanter Joere geplangt, dass den Transportministère an der Zesummenarbescht mat der Gemenge e Projet mat deels Busspuer an Deels intelligente Luuten soll op der Lëtzebuergerstrooss

réaliséieren. An dee Projet ass och am Dossier Contournement considéiert gin. En ass just leider nach net réaliséiert.

Eng aner Propos ass e Shuttelbus fir d'Z.I. anzesetzen. Hei ass am gangen mat de Betreiber aus der Z.I. diskutéiert ze gin, wat déi beschten Alternativen an der Mobilitéit fir d'Z.I. sin.

Da gët op d'Bauen vu Park&Ride'en higewisen. Dobei ass allgemeng bekannt, dass zu Rodange e P&R vu bis zu 1800 Plaaze soll kommen an och Käerjeng soll op der Gare e neit Parkhaus kréien an d'Gemeng wëll och hier Parklazzenzuel op der Gare an d'Luut setzen.

Da gët proposéiert fir eng Vëlospist an d'Lëtzebuurgerstrooss ze machen. Do muss ee wësse, dass all d'Quartieren zu Käerjeng als Zone 30 ausgewissen sinn an och d'Rue de l'eau gët lo Zone 30, sou dass ee net mam Vëlo muss duech d'Lëtzebuurgerstrooss fueren, et ass scho méiglech iwwert 30 Zonen parrallel zu der Lëtzebuurgerstrooss ze fueren en plus gët et e Vëloswee vun op Acker iwwert Biff bis op Lénger. An déi aner Richtung gët d'Rue des Près sou emgebaut, dass d'Autoen och wierlech musse mat 30 do fueren, sou dass och d'Vëlofuerer déi Strooss sécher wärte kënnen notzen.

Ausserdeem si mer am gangen e Netz vu sécheren Ofstellméiglechkeeten duech d'Gemeng opzeriechten, sou dass d'Leit net musse färten, dass hier Vëloen futti gemach gin.

Weider ze ernimmen, ass dass Käerjeng d'Mobilitéit douce souguer finanziel ënnerstëtzt andeems se de Bierger 200€ bei en Elektro-Vëlo beileet.

Och un eis Schoulkanner ass geduecht gin, fir déi mer de séchere Schoulwee an d'Liewe geruff hun, wou eise Clausi de Kanner weist, wou se sécher iwwert d'Strooss kënnen goen.

Eng aner Propos vu Suessem ass d'Promotioun vun der Mobilitéit douce. Käerjeng investéiert zanter Joeren a sécher Fouss- a Vëlosweeër. Sou ass op der Biff eng Bréck iwwert d'Kor gebaut gin, de Vëloswee Richtung Lénger ass fréch gemach gin, et ass e Vëloswee an der rue de la Résistance bis op de Rond-point gemach gin, de Wee lanscht Mierbach vun der rue de la Résistance bis op Acker ass am gangen nei gemach ze gin an et ass fir dëst Joer ee Wee geplangt fir vun Uerwerkäerjeng op Schuller ze kommen. Bascharage huet zanter Joeren e Vëloswee Konzept an dëst gët konséquent do emgesaat wou méiglech ass an dat Konzept gët och op Kéinzig applizéiert.

Dann zum Thema Elektromobilitéit. Käerjeng mecht och hei séng Hausaufgaben. Do wou et méiglech ass keeft d'Gemeng Elektro-Gefierer a Käerjeng kritt och op séngem Territoire Elektrobussen vum Staat plazéiert, dass Gemengeniwwergreifend Méiglechkeete besti fir sein Elektro-auto opzelueden. Selbstverständlech soll d'Elektromobilitéit mat Elektrech aus erneierbaren Energieën fueren. Käerjeng benotzt schon zanter Joeren just grénge Novastroum a notz och all Méiglechkeet fir grénge Stroum ze produzéieren.

Zum Schluss an der Brochür gët de Probleem vum Noerhuelungsgebidd a vun der Natura 2000 ugeschwaat. Dat ass effektiv e Probleem, wou een, en Vue vum Bau vum Contournement, an eisen Aan direkt proaktiv muss agéieren. Eischtens muss d'Streckeféierung sou geplangt ginn, dass den Impakt op d'Emwelt sou kleng wéi méiglech ass. Zweetens muss alles wat zerstéiert gët direkt quantitativ a qualitativ op der Plaaz kompenséiert gi an dat soubal wéi d'Décisioun vum Bau vum Contournement kloer ass. Déi gréng Käerjeng kënnen sech och virstellen, dass mam Ministère zesummen en Umwelt- a Noerhuelungsprojet geplangt gët.

Här Buergermeeschter, léif Kolleginnen a Kollegen,

wéi der gesidd hun déi gréng Käerjeng d'Brochür iwwert déi Suessemer Anti-Contournementkampagne am Détail gelies. Mä sin der Meenung, dass dat eng interessant Oplëschtung vun allgemang gülltegen nohaltege Punkten, déi haut souwuel um nationalen wéi um kommunalen Plang am gangen emgesaat ze ginn. All d'Proposen si bekannt an diskutéiert ginn an all d'Punkten sin an der Etude vum Ministère considéiert gin an d'Conclusioun wuar déi, dass et keng Verbesserung vun der Liewensqualitéit vun de Bierger an der Lëtzebuurgerstrooss an de Stroosse ronderem wärt gin andeems ee just dee Propositionen aus der Brochür vu Suessem emsetzt.

Wat déi gréng Käerjeng awer och opgefall ass, ass dass zwee wichteg Punkten an der suessemer Brochür einfach net ugeschwaat gin: dat ass éischtens de Camions- a Bustransport duech d'Lëtzebuurgerstrooss an d'Zone industriel an zweetens de Bau vun den Tanklager. Jo dat sin 2 Punkten déi stéieren, well dofir gët et keng einfach katalogänlech Léisung.

déi gréng Käerjeng stellen sech awer d'Fro wéi een d'Camion'en an d'Bussen an d'Zone industriel kritt ouni dass se d'Lëtzebuurgerstrooss belaaschten. Wat ass dann dofir déi Suessemer Léisung um Terrain? D'Z.I. zou machen oder d'Camion'en op den Zug setzen?

Schlussendlech ass da nach de Probleem vun den Tanklager. Wann d'Tanklager weider hi solle gebaut gin, ass et jo onvirstellbar, dass déi Camion'en duech Bascharage solle fueren. Wéi soll d'Distributioun vun de Petrolsproduiten un déi verschidden Tankstellen da verdeelt ginn, asw. Et wär interessant dem Député-Maire vu Suessem séng Positioun zu dësem Dossier ze héieren, dee jo och an der Chamber heizou eng Kéier muss Faarf bekennen wann den Wirtschaftsminister domatt an d'Chamber geet.

Här Buergermeeschter, wéi der gesidd sin déi gréng der Meenung, dass déi Suessemer Kampagne näischt Neies zum Dossier beidrëit, sou wéi dat jo och de Staatsekrétär Camille Gira an der Press gesoot huet. Wat Zweck a Sënn vun dëser Kampagne soll sinn iwwerloose mä de Bierger. Mä kënnen ob jiddwerfall keng nei Elementer erkennen a bleiwen dofir ob eiser Positioun vum Juni 2016, dass et keng Verbesserung vun der Liewensqualitéit vun de Bierger vu Bascharage ka gin ouni de Verkéier aus der Lëtzebuurgerstrooss rauszehuelen.